Jonk Demokraten

# Jonk Demokraten fuerderen eng éierlech a generatiounsgerecht Pensiounsreform

D'Jonk Demokraten kucke mat grousser Suerg op déi lafend Gespréicher tëscht der Regierung, dem Patronat an de Gewerkschaften. Déi aktuell diskutéiert Moossname fir d'Reform vum Rentesystem ginn net duer a sinn och net zukunftsorientéiert. Amplaz couragéiert Entscheedungen ze treffen, gi just kosmeetesch Ännerunge gemaach, déi eppes ganz Wichteges ignoréieren: d'Interesse vun der jonker Generatioun.

**Mir fuerderen eng Rentereform, déi gerecht tëscht de Generatioune verdeelt ass a bei där all Mënsch e fairen Deel bäidréit – am Sënn vun der Solidaritéit tëscht Jonken an Eeleren.**

Konkret fuerdere mir:

- **Eng Erhéijung vun de Cotisatiounen ëm 1% op 9%, amplaz nëmmen ëm 0,5% wéi aktuell diskutéiert** – dës Moossnam erlaabt et, de Rentesystem ëm weider sechs Joren am Equiliber ze halen. Eng Erhéijung vun nëmmen 0,5% géif just eng kuerz Otempaus vun dräi Joer bréngen.

- **Eng sozial gerecht Ofschafung vum Ajustement an der Allocation de fin d'année**– dës solle progressiv ofgebaut ginn. Persounen, déi nëmmen eng Mindestpensioun kréien, sollen dës Zoulage weiderhi voll ausbezuelt kréien. Bei méi héije Rente solle se gestaffelt gekierzt ginn, bis se ab engem gewëssene Rentenniveau ganz ewechfalen. D'Pensiounsreform vun 2012 huet d'Ofschafe vum Ajustement an der Allocation de fin d'année virgesinn, soubal d'Depensë méi héich ewéi d'Recettë sinn, respektiv d'Cotisatiounen eropgesat ginn – dës Reformen däerfen net einfach nees réckgängeg gemaach ginn.

- **Eng méi séier Reduktioun vum Steigerungssaz** – D'Reform vun 2012 geet an déi richteg Richtung, mee d'Reduktioun vum Steigerungssaz ass iwwer 40 Joer gestreckt, sou dass den Zilwäert vun 1,6 % eréischt 2052 erreecht gëtt. Fir dass dës Moossnam méi fréi wierksam gëtt an zur Stabilitéit vum Rentesystem bäidréit, muss dës Reduktioun méi séier geschéien.

- **Eng faktebaséiert Verlängerung vun de Cotisatiounsjoren** – Den aktuelle Virschlag, d'Cotisatiounsjoren an deenen nächste fënnef Joer ëm nëmmen aacht Méint ze verlängeren, gräift ze kuerz. Eng nohalteg Reform muss déi demografesch Realitéite berücksichtegen. Ausserdeem ass net kloer, wéini dës Mesuren iwwerhaapt a Kraaft triede soll. Wa se – wéi ursprénglech geplangt – eréischt ab 2030 gëllt, wäert se kaum zur Stabilitéit vum System bäidroen.

D'Jonk Demokraten fuerderen eng Pensiounsreform, déi net nëmmen op déi nächst Walen ausgeriicht ass, mee déi d'Interesse vun de künftege Generatiounen eescht hëlt. Och d'Patronat an d'Gewerkschafte stinn an der Verantwortung, dës Uleies ze berücksichtegen.

**Fir e stabille Rentesystem brauche mir keng Symbolpolitik, mee strukturell Reformen.**